**PL 6476 exécution d'un neuvième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique**

**Discours Lucien Clement 30/01/2013**

Här President, Dir Dammen an dir Hären,

Deen Projet de loi deen elo zur Discussioun steet, handelt vun der Exécutioun vum 9ten 5-Joaresplang am Beräich vun den Tourismus-infrastrukturen.

Bedengt duerch Finanz- a WeltwirtschaftsKrise an aaneren Affäiren déi fir de Moment politesch Liewen dominéieren, gett iwwert den Tourismussecteur am generellen, wéi och am politeschen Alldag net allze vill geschwat an och net allze vill diskutéiert.

Dobäi ass awer just den Tourismussekteur ee ganz wichtegt Standbeen an der letzebuerger Wirtschaft. Et gëtt geschaat, datt den Tourismussecteur zu Letzebuerg direkt an indirekt am Joar 2011 5,7% vum PIB duergestallt huet.

Well déi ganz Branche och nach richteg aarbechtsintensiv ass, ass den Tourismussecteur och nach e Créateur d'emploi par exellence.

Eng plus minus 18.000 Léit, daat sinn 7,6% vun eisem Emploi, hänken direkt an indirekt um Tourismussekteur.

6000 Léit sinn direkt an der Tourismus-branche beschäftegt.

Och wann de Secteur an de läschte Joaren, ewéi kann et anescht sin, mat den Auswierkungen vun der Finanzkrise ze kämpfen haat sou ass d'Joar 2011 dach nach méi oder wéineger zefriddestellend ausgefall.

D'Unzuel vun den Iwwernuechtungen an den Hotellen, Aubergen, Pensiounen, Jugendherbergen a Campinger sinn global gesinn an d'Lucht gang :

vun 2,28 Milliounen am Joar 2010 op 2,35 Milliounen am Joar 2011.

Den Duerchschnëtts-openthalt vun deem eenzelnen Tourist oder Client, den geet awer leider eroof :

An der Hôtellerie sinn et am Schnett 1,79 Nuechten wou de Client zu Letzbuerg bléift,

op de Campinger sinn et 5,18 Nuechten.

De Fait dass emmer **méi** Léit, aawer dann maaner laang op eng an der selwechter Platz iwwernuechten, ass eng Tendenz déi net nemmen zu Letzebuerg festgestallt gett, oder gin as.

Här President,

Wann ee kuckt, waat am leschte Joar un Tourismus—infrastrukturen hei zu Letzebuerg, bestanen huet, da stellt ee fest, datt 2011 laut den Zuelen vum Projet de loi 2.600 Etablissementer am Secteur touristique bestanen hunn.

Daat ass plus minus dee selwechten Chiffer wei en iis am 8ten 5-Joaresplang virloung.

Wa mer awer an den Detail ginn, da stelle mer Folgendes fest:

2011 haate mer 283 Hoteller, Aubergen a Pensiounen a plus/minus 8588 Better. Op 100 Campinger stoung den Touristen eng 16.300 Emplacementer zur Verfügung . Dobäi kommen 14 Jugendherbergen mat 1200 Better an 39 Gites d'étapes mat 2368 Better.

Et fällt awer op, wann een déi Zuele kuckt, datt d'Unzuel vun den Etablissementer engersäits konstant bléift, anerersäits awer d'Capacitéite vun deenen Etablissementer un d'Luucht gaang ass wat heescht, datt deen eenzelne Betrib méi grouss ginn ass.

Bei den Hoteller haate mir 2006 7.474 Better , 2011 8.588 Better .

E plus vun de Kapazitéiten demno vun 15%.

Daat, Här President, si mat Sécherheet ganz impressionnant Zuelen, deenen ee sech net ëmmer esou bewosst ass, wann een hei zu Lëtzebuerg iwwer den Tourismus schwätzt.

Disen gouden Zoustand vun den Infrastrukturen am Tourismus-secteur konnt aawer nemmen ereecht ginn, well diese Secteur an deene leschte Joarzéinten aktiv an intensiv vum Staat duerch déi successiv Fënnefjoaresplëng begleet a gefördert ginn as.

Déi verschidden un enee gereite Fënnefjoaresplëng hunn zënter 1973 den Tourismus a sengem Développement gefördert an hu gehollef, him dee Stellewäert ze ginn, deen hien haut huet.

Ee Stellewäert dee wichteg as fir Letzebuerg an deen sech op verschiddenen Ebenen nidderschléit. Et si mat Secherheet net Steiereinahmen fir de Staat a fir d'Gemengen, wou ech hei drun denke.

Steiereinnahmen déi sech mat Secherheet op engem méi niddregen Niveau bewegen, well mir et hei mat éischter klenge Betriber, och ganz dax nach Familjebetriber ze din hun. Daat gellt iwregens fir d'Kollektivitéitssteier ewéi och fir den Impot Commercial.

Et sin aner Domainer déi wichteg sin. Ech erenneren drun datt dis Betriber enorm vill Arbechtsplazen ubéiden, och däer vum Non- qualifié. Desweideren heescht daat, Cotisatiounen zu deenen verschiddenen Sozialsystemer, Pensiounskeess a Gesondheetskeess, net ze schwetzen dervun datt iwert disen arbechtsintensiven Secteur ville Leit mat hiren Familjen, een Akommes garantéiert gett, daat dann erem dem Staat awer och vill Lounsteier abrengt.

Dat heescht awer net, oder dat soll awer net heeschen, datt een elo alles ereecht huet a mat deem Ereechte soll zefridde sinn.

Fir mat der Evaluatioun an disem dynamechen Secteur matzehalen, mussen ëmmer erëm nei innovativ Iddien op den Dësch kommen, daat souwuel vu staatlecher Säit wéi selbstverständlech och aus dem Secteur selwer.

Dis Iddië all gebündelt, gëllt et dann awer en musique ze setzen an duerfir denken ech, ass esou e Fënnefjoaresplang e ganz gëeegent Instrument a stellt mat Sécherheet och e ganz gëeegente Kader dozou duer.

Wéi den Tourismus hei zu Lëtzebuerg um nationalen, regionalen a lokale Plang an deene leschte 40 Joar evoluéiert huet, a waat Schwéierpunkten vun de läschten 8 fennef-Joaresplëng woaren daat kann een a mengem schreftleche Rapport wéi am Projet de Loi ganz détailleiert noliesen.

Dis successiv Fennef-Joaresplãng hun jiddefalls maasgeblech derzou bäigedroen, dass déi touristesch Offer, d’Infrastrukturen an den Equipement mettlerweil internationale Qualitéitsniveau errecht hunn. Letzebuerg leit op dise Punkten am internationalem Verglach op 15. Platz an um europäesichem Niveau op 10. Platz

Här President,

De neien Fënnefjoaresplang ass an der Linn vu sengem Virgänger, an féiert déi konkret Ëmsetzung vun den Recommandatioune virun,  wei se an enger Etude vum ETI - dem Europäeschen Tourismus Institut - op der Uni Tréier am Joer 2001 virgezeechnet goufen.

Zur Errennerung :

2001 huet den deemolegen Tourismusminister Fernand Boden eng Etüd beim ETI, an Optrag ginn, an dat fir ze kucken,wéi den Tourismussecteur sech bis dohinner entwéckelt hat.

Dis Etüd huet beschäinegt, datt d'Zilsetzungen, déi Ufanks den 90er Joare gesat goufen, zu engem groussen Deel erreecht gi sinn. Souwuel déi infrastrukturell Offer wéi d'Equipementer kruten en internationalen Niveau vun där Etüde do attestéiert.

Op där anerer Säit soot dis Etüde awer och, datt nach zousätzlech Effort’en ze maache sinn, wat d'Organisatioun, d'Formatioun an de Marketing vum Tourismus, an am Tourismus ugeet.

Och e Steck méi Professionalismus an dem Tourismussecteur gouf an diser Etüde gefuerdert.

Néi Crénau’en, déi mei missten gefördert ginn, wieren den Kongresstourismus, de Kulturtourismus an den Tourismus am ländleche Raum.

Wei gesoot soll den 9ten 5-Joaresplang d’Emsetzung vun de Recommandatiounen aus der Etude vum ETI konkret weiderféieren.

Et gett aawer nach op verschiddenen Punkten nach Nachholbedarf.

Konkret ass festgestallt ginn, dass et um Niveau vun der touristescher Formatioun , Organisatioun an dem Marketing nach e gewessenen Retard gett . Daat sinn Punkten déi réischt am leschte 5-Joaresplang opgeholl goufen an demno och éligibel gouffen, an där hir Realisatioun um Terrain nach bessen Zäit brauch.

Fir dis 3 Beräicher ze förderen proposéiert d’Etude ETI folgend konkret Mesüren :

1. Schaafen vun Régionale Touristeschen Agencen : D’Ententen sollen no a no an Agencen emgewandelt ginn. Dise Prozess soll net nemmen um Niveau vun den Infrastrukturen mä och um Niveau vun de Fonktionnementskäschten an de Gehälter ennerstetzt gin.

2. Syndicats d’initiative an d’Ententen sollen an Zukunft esou opgestallt ginn dass se als Gestionnaire vu Projet’en oder Initiativen kennen  fonctionnéire déi eng regional oder national Envergure hun. Dat brengt mat sech, dass een méi präzis op Besoin’en vun de Clienten kann agoen an e professionelle Service iwwert daat ganzt Joar kann ubéiden.

3. d’Schaafen, vun themateschen touristechen Produkter, duerch déi regional Agencen, axéiert op den Aspekt vun der Nohaltegkeet

4.d’ Promotioun vun der « image de marque luxembourgeoise » an eng Definitioun vun enger « unique selling proposition » fir de Grand-Duché

5. d’Formatioun fir déi Professionnel aus dem Tourismusberäich sief et um nationale, regionale a lokale Niveau.

Här President,

Wann den 7ten 5-Joaresplang d’Etuden finanzéiert huet déi eis recommandéiert hun professionnel Strukturen ze schaafen, sou huet den 8ten 5-Joaresplang erlaabt déi éischt ORT’en – office régionaux de tourisme – op Bee zestellen. Mam zukünftegen 5- Joaresplang soll hiren Fonctionnement gefestegt ginn.

Ausserdem ennerstetzt dee néie Programm net nemmne d’Schaafen an d’Extensioun vun néien a bestehenden Tourismus-infrastrukturen , hien erlaabt och, dass dis Projet’en um Niveau vun der Gestioun an Zukunft kennen finanziel begleet ginn.

Zielsetzung vun diser Mesure ass eng weider Professionaliséierung vun der Gestioun, souwéi der Promotioun vun de wichtegsten touristischen Infrastrukturen am Land. Et ass jo awer gewoosst, dass de Volontariat genee wei an aaneren Sekteuren och lues awer secher un seng Limiten stéisst.

Här President,

Disen neie Plang couvréiert d'Joaren 2013 bis 2017 an huet eng Enveloppe vun net manner ewéi 45 Milliounen.

Dat ass déi éischte Kéier a 40 Joar – Fennefjorespläng, dass et net zu enger Augmentatioun par rapport zum Fënnefjoresplang vu virdrun kennt.

Dis Enveloppe gett mat disem Projet de Loi em eng 5 Milliounen par rapport zu deem vu virdrun eroofgesaat. Daat mecht plus minus 10 Prozent aus.

Well et sech awer trotz alledem hei ëm eng zolidd finanziell Enveloppe handelt, a mir eis an Zäiten vu Wirtschaftkrise befannen wou et em eis Staatsfinanzen esou gestallt ass wéi et eben ass, wëll ech dem Budgetsminister Luc Frieden Merci soen, datt hien trotz finanziellen Engpäss souvill Suen fir den Tourismussekter zur Verfügung stellt.

Dat beweist awer och, datt d'Tourismusbranche e gewëssenen Stellewäert an der Regirung genéisst, an datt d‘Regirung sech der Wichtegkeet vun disem Secteur bewosst as.

Et sinn selbstverständlech vill Suen, mä dis Suen déi elo - an an der Vergangenheet an den Tourismusberäich investéiert goufen komme jo schliesslech awer och der Allgemengheet ze gout an droen och dozou bäi fir d’Bild vun eisem Land no baussen ze verbesseren.

Sou konnten zum Besipll duerch den 8ten 5-Joaresplang folgend Infrastrukturprojeten réaliséiert ginn :

- Modernisatioun vum Centre récréatif et de loisirs zu Iechternach
- Modernisatioun vun der oppener Schwämm zu Réimech
- Den Aménagement vum Musée Henri Tudor zu Rousport
- Iwwerdeckung vun der Äispist zu Beefort
- den Ausbau vum Domaine Touristique zu Munzen
- Den Ausbau vun verschiddenen Velospisten
- Modernisatioun vun den Infrastrukturen am Beetebuerger Märchepark

- oder och nach déi finanziell Bedeelegung un der néier Marie-Astrid, ee Scheff daat sech nach wie vor bei de Letzebuerger ewéi och bei den Touristen enger grousser Beléiftheet erfreet.

Nei Projeten kommen kommen elo fir Zukunft derbäi.

Sou zum Beispill ass geplangt, dass am Osten vum Land eng nei Schwämm gebaut gett. Daat selwecht soll och am Parc House geschéien.

Zu Esch soll eng nei Jugendherberge gebaut ginn an de Militärmusée zu Dikkrech soll réaménagéiert ginn.

Nieft dise Projete ginn awer och Moderniséierungsefforten an der Hôtellerie, de Jugendherbergen an de Campingen weiderhin ënnerstëtzt, geneesou wéi weiderhin Fonctionnementsfrais'ën bei verschiddene Projete kënnen iwwerholl ginn. Och ginn Projeten ennerstetzt, dei zum Ziel hun d'Qualitéit an d'Professionaliséierung am Tourismus ze verbesseren

Här President,

Ech kënnt elo nach laang weiderfueren an am Detail alles erzielen, wat duerch deen neie Fënnefjoaresplang am Beräich vum Tourismus soll ëmgesat ginn.

D'Applikatioun vun deem Fënnefjoaresplang gëtt ganz genau an deene verschiddenen groussherzoglechen Reglementer beschriwwen.

Dis Reglementer woaren leider net beim Projet de loi annexéiert.

Si sinn awer lo mettlerweil vum Ministär nogeliwert gin, a sinn den 10. Dezember um Courrier électronique publizéiert ginn.

Et as gewosst datt d'Reglementer ennert d'Kompetenz vum Minister faalen , dofir e grousse Merci un Mme Hetto déi sech spontan bereed erkläert huet der Chamber dis Reglementer zoukommen ze loossen.

Elo haat jiddfereen Zeit genoug dis Reglementer am Fong ze studéieren an ze liesen. Et konnnt also jiddfereen dee wollt sech e geneet Bild machen, waat dann elo wou am Land sollt gemacht gin.

Opschloss gin dis Reglementer och wéi finanzéiert gett, repektiv wien ënnert waat fir engen Ëmstänn a Konditiounen dovunner profitéiere kann.

Här President

Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och de Statsrot begréissen alle béid dise Projet an ënnersträichen an hire jeeweilegen Avis'en d'Wichtegkeet vum Tourismus-sektor fir eis Economie. Desweideren gett op d'Wichtegkeet vun disem 9ten Fennefjoaresplang fir den Développement vun der Tourismusbranche zu Letzebuerg higewisen.

Déi eenzeg Kritik, déi d'Chambre de Commerce mécht, betrëfft dee Punkt, dee seet, datt bei verschiddene Bauprojet'en wei zum Beispill am Kader vu Gites rurales oder Vakanzendierfer verschidden Taux'en bei Subventionnement ugewannt ginn, wann et sech ëm privat oder öffentlech Investisseuren handelt.

Si plädéiert an hirem Avis fir en eenheetlechen Taux, egal ob den Initiateur d'öffentlech Hand oder e privaten Investisseur ass.

Ennert dem Bleckwenkel vun däer dach déi ugespanntener finanzieller Situation vum Staat stellt Chambre de Commerec d'Frô, ob et net opportun wier just nach den niddregen Taux deen fir privat Investisseure gellt och beim öffentleche Secteur unzewenden.

Eng ähnlech Kritik ass déi, dass et je no Regioun wou eng touristesch Infrastruktur soll hikommen, ennerschiddlech Subventions-taux'en ugewand gin, obwuel egal wou de Site as de Käschtepunkt dee selwechten ass.

Här President,

De Staatsrot bégréisst de Projet de Loi a seet dass disen 5-Joaresplang eng logesch Suite vum 8ten 5-Joaresplang duerstellt an huet och duerfir keng weider Observatioun gemacht.

Als Rapporteur wënschen ech mir selbstverständlech, datt dise Projet eng grouss Zoustëmmung heibannen kreit. Datt ech dofir och den Accord vun der CSV-Fractioun zu disem Projet scheint mir evident. Zum Schluss soen ech all deenen déi un disem Projet matgeschafft hun merci, daat gellt esou wuel fir Mme Hetto ewei och fir déi Beamten vum Ministär, aus der Chamber an der CSV-Fraction. Ee Merci och fir d'Kolleginnen an d'Kollegen aus der Commissioun fir déi fair Discussiounen déi mir haaten.

Daat gesoot soen ech Merci fir d'Nolauschteren.